N°1888
Entrée le 04.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Asyl weiderzeleeden.**

Déi zoustänneg Ministeren hu gëschter der Ëffentlechkeet de Bilan zur Asyl- an Immigratiounspolitik zu Lëtzebuerg virgestallt. An der zoustänneger Chamberskommissioun sinn awer verschidde Froen zu den Zuelen onbeäntwert bliwwen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1816 huet den zoustännege Minister fir Asyl geschriwwen:

> *Am Kader vun der aktueller Diskussioun ronderëm d'Expulsioun vun enger Mamm mat zwee Kanner aus enger ONA-Struktur, ass ze soen, dass déi betraffe Famill direkt nees bis op Weideres e Bett am ONA-Reseau offréiert krut, wéi ech d'lescht Woch vun deem Fall a Kenntnis gesat gouf.*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner a Jugendlecher goufen an de leschte 4 Joren (opgelëscht no Joer) aus den Asylfoyeren verwisen?*

   **mat verwisen ass gemengt, dass d'Mannerjäreger net méi konnten zeréckgoen. D'Placéierung an ee Centre de Retour oder eng aner Struktur net ageschloss*

2. Wéi oft ass et an de leschte Jore virkomm, dass Familljen oder Kanner aus enger ONA-Struktur erausgeheit goufen an dës Decisioun erëm vum Minister revidéiert gouf?

3. Wéi oft ass et 2024 virkomm, dass Familljen oder Kanner aus enger ONA-Struktur an d'Maison de retour geschéckt goufen an dës Decisioun erëm vum Minister revidéiert gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten